

Lëtzebuerg, den 24. November 2021

Här Fernand ETGEN  
Chamberspräsident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden:

*„Mir ass vu besuergte Bierger gesot ginn, datt et de Moment reegelméisseg duerch de Chantier vun der neier Aktivitéitszon ZANO um Fridhaff (B7) zu geféierleche Manoeuvre am Trafic kënnt - ganz besonnesch, wann de Feierowendverkéier ufänkt.*

*Sou géifen eng Rei Chauffeuren d'Opfaart- resp. Offaartspueren als Iwwerhuelspuer benotzen, mam Resultat, datt et zu kriteschen Incidente ka kommen.*

*An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir bannenzeg Sécherheet folgend Froe stellen:*

- Ass den Här Minister au courant vun dese Praktiken? Gi reegelméisseg Kontrolle gemaach?*
- Wann net, ass den Här Minister gewëllt, Kontrollen duerchféieren ze loossen, besonnesch zu deene Stonnen, wou den Trafic méi intensiv ass?“*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu

Deputierten